

d'Kirch vu Schandel

An engem Zeitungsartikel aus dem Joër 1964 steet ze liesen: *"Eine halbe Wegstunde von Useldingen nordwärts liegt die Ortschaft Schandel. Auffallend gepflegte, landwirtschaftliche Gehöfte, die von behäbigem Wohlstand und deftiger bäuerlicher Tradition künden, umschliessen das feingliedrige weiße Kirchlein wie ein Wall von Bastionen..."*

Wéi en Ornament ragt déi 1709 erbaute Kirch an den Himmel. An der Mëtt vun der Agglomeratioun vu Baueren- a Wunnhaiser. Der Dräifaltegkeet geweiht an den dräi Märtirerinnen Fides, Spes a Caritas (Glaube, Hoffnung, Liebe) gewidmet. Niewepatréinesch as och nach d'helleg Sophie, dat war d'Mamm vun deenen dräi Jofferen (Troisvierges).

Am Joër 1883 gouf de Kirchtuerm ugebaut, sou wéi d'Schrëft iwwert dem Portal et ugët.

Eng éischt Restauratioun as 1891 erfollegt. Och gouf de Chouer dun ugebaut an den Dicksall gouf nei ausgebaut a vergréissert duerch en Duerchbroch an den Tuerm.

Am Joër 1963 huet den Useldénger Gemengerot beschloss, d'Schandeler Kirch grëndlech ze erneieren duerch den Ubau vun enger Sakristei an engem Versammlungslokal. D'Arbechten hu genau ee Joër gedauert a während dëser Zäit waren d'Gottesdéngschter am Pompjéesbau.

Den 8. Dezember 1964 gouf e weideren Meilesteen an der Geschicht vun der Kirch gesaat. Si gouf erëm feierlech ageseent an hirer Bestërmung iwergin duerch den afrikaneschen Bëschof, de Mgr. François Ndong vu Libreville am Gabon a Präsenz vu ville kirchlechen a weltlechen Autoritéiten, ënner anerem den Abbé Pierre Rapotchombo (och en Afrikaner), den Osper Dächen, den Dr. Michel Conrad, déi Häre Geeschtlech Martin Wiltzius, deemolege Verwalter vu Schandel, J.P. Betz, Jean Brenner, Joseph Eischen, Jean Hess, Léon Hoffmann, Mich. Krippes, Aloyse Zehren, de Franziskanerbrudder Rock, d'Kircheréit vu Schandel d'Hären Emile Eischen a J.P. Scholtus, de Scheffen- a Gemengerot mam Buergermeeschter Jean Hollerich, de Scheffen Emile Reding (Iewerleng) a Léo Harpes (Rippweiler), de Conseilleën J.P. Merges an Alfred Sinner vu Schandel, Nic Anzia, Joseph Feyereisen a Keipes Theo vun Useldéng, de Staatsarchitekt Jos. Conrad asw.

Et gouf eng feierlech Mass zelebréiert, eng Danksagungsmass mat der Aseenung vun enger neier Muttergottesstatue. An der selwechter Mass gouf och eng nei Klack geweiht. Déi nei Klack, déi op den Toun Si b ofgestëmmt as, gouf an der Eiffeler Klackegéisserei Johannes Mark zu Brockscheid (no bei Daun) gegoss. Si as der Onbefleckten Empfängnis gewidmet mat der Schrëft "Ave Maria" an der Widmung: "Zur Erinnerung an die Renovierung der Kirche –1964".

Am Nomëtteg huet den Här Dächen vun Osper déi nei Statiounen och nach feierlech ageseent.

Bal e Véirelsjorhonnert méi spéit as d'Kirch erëm uerech. An der Gemengerootssëtzung vum 22.04.1988 gouf en Devis aprouvéiert fir en neien Ustrach. Dësen Ustrach as an de Joëren 1991/92 ausgefouert gin.

Haut kënnen mir mat berechtigtem Stolz op eis Kirch, déi wirklech e Bijou as, houfreg sin.